

EGALITÉIT AN DE GEMENGEN

D'ACTRICES AN D'ACTEURS
VUN HIRER PROMOTIOUN



De Schafferot an de Gemengerot representéieren den exekutiven, respektiv de legislative Pouvoir um lokale Plang. Esou huet déi lokal Politik en direkten Afloss op d'Liewen vun den Awunner/innen. Op kengem aneren Niveau vun öffentliche Pouvoir, dee vu gewielte Vertrieder/innen ausgeübt gëtt, si politesch Fortschreitter esou séier an effikass moossbar wéi an der Relatioun vun enger Gemeng mat hiren Awunner/innen.

Dofir ass d'Gemeng en essentiellen Acteur, fir d'Égalitéit tëscht Fraen a Männer am Alldag ze verstärken. Et ass an der Gemeng, wou Fraen a Männer, Meedercher a Jonge liewen, wou si sech am lokalen Associatiounsliewen engagéieren, an ënnert sech, mat dem Gemengepersonal a mat de politesche Responsabelen interagéieren. Dës si ganz no bei de Bierger/innen a kënnen dofir am beschten d'Besoinen vun der lokaler Bevëlkerung identifizéieren.

Duerch d'Promouvéiere vun der Gläichstellung tëscht Fraen a Männer läit et an den Hänn vun der Gemeng, fir aus sengem Territoire eng Plaz ze maachen, wou Fraen a Männer, Meedercher a Jongen, gläichwäerteg behandelt ginn.

An hirer Promotioun fir d'Égalitéit ass eng Gemeng nimools ganz eleng, mä kann sech ëmmer Organer an Instrumenter ginn, déi si an hiren Efforten ënnerstëtzen. De Schema hei ënnendréiner illustriert a vereinfachter Form d'Interaktiounen tëscht deene verschiddenen Organer. En erlaabt et der Öffentlichkeit engersäits, d'Erausforderunge vun enger aktiver lokaler Egalitéitspolitik besser ze verstoen, an anersäits d'Mëttel vun der Bedeelegung als eenzel Persoun z'illustréieren.


D'GEMENG A SENG BEVËLKERUNG

Eng Gemeng offrëiert öffentliche lokal Services an huet an dëser Roll d'Vepflichtung, fir d'Gläichstellung vu jidderengem virum öffentliche Service ze respektéieren, notament, andeems si all Form vun Diskriminatioun vun de Geschlechter vermeit, wat d'Offer an den Zougang zu de Services ubelaangen. Effektiv kënnen déi deeglech Operatiounen, dat professionellt Liewen an Horairen, oder och nach individuell Bedarfesser beim Logement oder der perséinlecher Ënnerstëtzung (Garde vu Kanner, Fleg vun eelere Persounen, professionell Formatiounen beim Retour an d'Aarbechtsliewen,...) staark variéiere jee no Geschlecht.

D'GEMENG A SÄI PERSONAL

All Gemeng ass och en Employeur, deem d'Rechter vu sengen Agent/innen virbildlech respektéiere muss. Esou mussen déi politesch Responsabelen sécherstellen, dass et e gudden Equiliber beim Personal gëtt, dass jidderene déi selwecht Opstiegsbedingunge huet, esou wéi Accès zu Poste mat Decisiounskraaft oder zu atypesche Beruffer fir hiert jeeeweilegt Geschlecht. All dës Prinzippe verbesseren net just d'Wuelbefanne vun den Agent/innen, mä verstärken och d'Produktivitéit an hir Fäegkeeten zur Innovatioun.

Och eng ausgeglache Representatioun vu Fraen a Männer bei de politesche Responsabelen erlaabt et fir eng méi nuanciéiert Gemengepolitik ze féieren, déi d'Besoinen an d'Situatiounen vu jidderengem respektéiert. Hei läit et un de politesche Parteien, fir all méiglech Mesuren ze huelen, fir esouwuel Männer wéi och Fraen un der Gemengepolitik z'interesséieren, si an d'Gemengstrukturen z'intégréieren an si ze motivéieren, sech aktiv um lokale Liewen ze bedeelegen.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

D'ACTRICEN AN D'ACTEUREN AM DETAIL

DECIDEUREN/EUSEN

- Buergermeeschter/tesch, Schäffinnen a Schäffen
- Gemengerot

EXECUTANTEN

- Gemengen-Administratioun, kommunal Servicer

BENEFICIAIREN

- Bierger/innen

MULTIPLICATEUREN

- Biergerparticipatioun
- Veräiner, Sport & Kultur
- Partner

ACTRICEN / ACTEUREN


- Service fir d'Egalitéit
- Consultativ Kommissioun fir d'Gläichstellung
- Politesch/en Delegéiert/en fir d'Egalitéit
- Delegéiert/en fir d'Gläichstellung beim Personal

SCHAFFGESCHIER

- Aktiounsplang fir d'Egalitéit
- Mega-plus Konventioun
- Europäesch Charta
- Thematesch Internetsäit

POLITESCH/EN DELEGÉIERT/EN FIR D'EGALITÉIT

Bannent dem Schäfferot wíelen d'Memberen am Prinzip en/g politesch/en Delegéiert/en fir d'Egalitéit tëscht Fraen a Männer. Seng/hir Funktioun ass et, fir „de Brëll vun der Gläichstellung ze droen“, dat heescht bei all Ofstëmmung vun engem Gemengen-Reglement, engem offréierte Service fir d'Bevëlkerung oder enger Entscheedung iwwert d'Personalgestioun dorop opzepassen, datt dës nei Entscheedung gläichermoosse fir Fraen a fir Männer vu Virdeel ass. Bannent dem Schäfferot ass den/d'Delegéiert/en och de politesche Kontakt fir d'Membere vun der consultativer Kommissioun fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter. Des weideren, an deene Gemengen, déi een hunn, collaboréiert den/d'Delegéiert/en mam Gläichstellungsservice, respektiv mat der/dem Chargé/e fir d'Egalitéit. Och wann eng Gemeng gesetzlech net dozou verpflichtet ass, en/g Delegéiert fir d'Egalitéit vun de Geschlechter ze nominéieren, esou hunn dach déi meescht Gemengen en/g politesch Responsabel/en mat dëser Funktioun.



CONSULTATIV KOMMISSIOUN FIR D'GLÄICHSTELLUNG

Déi consultativ Kommissioun fir d'Gläichstellung, déi sech aus interesséierte Bierger/innen aus der Gemeng zesummesetzt, ass e wichtegt Instrument fir eng egalitär Communautéit unzestriewen. Dës promovéiert net just d'Anhale vun der Egalitéit an alle Beräicher vun der Gemengepolitik a gëtt Avisen zu de geplangte Projete vum Gemengerot eraus, mä hëlt och selwer Initiativen an der Gläichstellung tëscht Fraen a Männer a manifestéiert sech an der Ëffentlechee. Si kann och en Aktiounsplang fir d'Gemeng proposéieren.



MEGA-PLUS KONVENTIOUN

Well d'Egalitéit tëscht Fraen a Männer eng vun deene wichtigste Konditiounen ass fir e gutt Zesummeliewen z'assuréieren, huet de Ministère fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer (MEGA) a senge Reien eng Ekipp geschaf, déi sech exklusiv ëm d'Gemenge këmmert, andeems si se an hiren Demarche fir d'Promotioun vun der Egalitéit um lokale Plang ënnerstëtzt. Esou hëlleft de MEGA de Gemengen, fir déi Aktivitéiten ze fannen, déi am Beschte bei hir Situatioun passen. Andeems si eng oder méi „gutt“ Aktivitéiten eraussichen, déi sech schonns an anere Gemenge bewäert hunn, engagéieren sech di politesch Responsabel entweder fir e punktuellt, en erweidert oder en intensiivt Partenariat mat dem Ënnerschreiw vum enger Konventioun mam Ministère. Dës Zesummenaarbecht op d'Mooss tëscht enger Gemeng ass laangfristeg geduecht, andeems all Joer nei prioritär Aktivitéiten erausgesicht ginn, wouduerch e Suivi vun der lokaler Politik fir d'Egalitéit garantéiert gëtt.


BUERGERMEESCHTER/TESCH, SCHÄFFINNEN A SCHÄFFEN

De Schäfferot ass dat exekutiivt an administrativt Organ vun der lokaler Politik. Als „Regierung um lokale Plang“ si seng Memberen am beschte placéiert, fir eng aktiv Politik fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer ze bedriewen. A senger Funktioun muss de Schäfferot dofir suergen, datt all déi kommunal Servicer, déi der Bevëlkerung offréiert ginn, gläichermoossen accessibel a vu Virdeel fir all Bierger/in aus der Gemeng sinn, onofhängeg vun hire Liewenssituatiounen. Ausserdeem muss de Schäfferot, a senger Funktioun als Superieur vun den Agent/innen, déi vun der Gemeng agestellt sinn, dofir suergen, datt all Member vum Gemengepersonal an engem favorablen Ëmfeld schafft an déi selwecht beruflech Chancen erhëlt. De Schäfferot stellt d'Salariée vun der Gemeng an, beopsiichtegt d'Gemengepersonal, applizéiert déi obligatoresch statutaresh Moossnamen a Saache Congé, Promotiounen an anerem. Um Enn ass et och de Schäfferot, deen, mam Accord vum Gemengerot, iwwert d'Planung an d'Ëmsetzung vu lokalen Aktivitéiten entscheet, déi d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer promovéieren.



GEMENGEN-ADMINISTRATIOUN, KOMMUNAL SERVICER

D'Gemengen-Administratioun assistéiert dem Schäfferot bei der Ëmsetzung vun den Decisiounen a Reglementer, déi vum Gemengerot gestëmmt gi sinn, souwéi vun de Moossnamen, déi vun de Gesetzer a vun de groussherzogleche Reglementer virgesi sinn. Si ass de Kontakt fir d'Bierger/inne fir d'Servicer, déi vun der Gemeng offréiert ginn (wéi z.B. Fräizäitaktivitéiten, Fleeg doheem, Ausstelle vun Identitéitskaarten, Entretien vun de Gemengestroossen, ...). D'Gemengen-Administratioun setzt sech zesummen aus engem Sekretariat, esou wéi aus verschiddeenen aneren administrativen Departementer an technesche Servicer (Biergerzenter, Finanzen, Forstverwaltung, Service fir d'Offallsuergung, Entretien vun ëffentleche Plazen a Gebaier, Versuergung mat Drénkwaasser, ...).



SERVICE FIR D'EGALITÉIT

Besat mat engem/er oder méi Chargé-e-en fir d'Egalitéit, steet dës Service direkt ënnert der Surveillance vum Schäfferot. Ënnert sengen Aufgabe fënnt een d'Opstelle vun engem lokalen Aktiounsplang fir d'Egalitéit, de Suivi vun de Projeten an Aktivitéiten, déi dorausser ervir ginn, d'Sensibiliséierung vun der Bevëlkerung, den Austausch mat anere Gemengen-Servicer, esou wéi eng Berodung fir d'Personal an d'Populatioun a Saache Gläichstellung. Dobäi ass dës Service och nach e wichtegt Berodungsorgan fir déi politesch Responsabel.



GEMENGEROT

De Gemengerot setzt sech aus Memberen zesummen, déi direkt vun der lokaler Communautéit gewielt gi sinn. Hien agéiert als „Parlament um lokale Plang“, dat heescht, de Rot huet di generell Kompetenz an entscheet iwwert déi politesch Orientéierung vun der Gemeng, déi vum Schäfferot mussen ëmgesat ginn. Ënnert anerem ass de Gemengerot responsabel fir d'Astelle vu Beamt-in-en, Employé-e-n a Salarié-e-n. Esou engagéiert sech de Gemengerot an der Promotioun vun der Gläichstellung tëscht Fraen a Männer esouwuel um Niveau vum Gemengepersonal wéi um Niveau vun der Populatioun, wat di geleeschte Servicer ubelaangen.




DELEGÉIERT/EN FIR D'GLÄICHSTELLUNG BEIM PERSONAL

An all Gemeng muss de Schäfferot en/g Delegéiert/en fir d'Egalitéit beim Personal nominéieren. Dës Funktioun ass ganz wichteg, fir de Membere vum Personal hiert Wuelbefannen op der Aarbecht ze garantéieren. En/g Delegéiert/en kann Analyse maachen a Recommendatiounen un de Schäfferot ginn, notament iwwer Theme wéi Congé Parental, den Zougang zu Formatiounen oder Poste mat Responsabilitéit, oder och nach d'Vereenbarkeet vu Privat- a Berufsliewen. Des weideren ass den/d'Delegéiert/en de Kontakt fir all Persoun, déi sech vun engem oder méi Kolleegen oder Kolleginnen diskriminéiert oder harceléiert fillen. D'Delegéiert fir d'Gläichstellung beim Personal sinn an engem nationale Réseau regroupéiert, dee vum MEGA geréiert gëtt. Et existéiert och eng spezifesch Formatioun iwwert d'Rechter an d'Aufgabe vun enge-m-r Delegéiert-en-er.



AKTIOUNSPLANG FIR D'EGALITÉIT

Eng aktiv Politik an der Promotioun fir d'Egalitéit tëscht Fraen a Männer ze féiere geschitt am Prinzip duerch d'Opstellung vun engem lokale Plang fir d'Gläichstellung. Dës leet di grouss Prioritéite vun der Gemeng fest, an engem präzise Kalenner, mat den Aktivitéiten, déi virgesi si fir d'Resultater z'erreechen, déi personell a finanziell Ressourcen, déi dofir néideg sinn, esou wéi d'Festleeë vun der Methodologie, déi fir d'Evaluatioun gebraucht gëtt. Generell weist den Inhalt vun engem Aktiounsplang fir d'Egalitéit déi lokal Prioritéiten op, déi am Virfeld iwwert Enquëten an Analyse bei der Populatioun a beim Gemengepersonal identifizéiert gi sinn, an Zesummenaarbecht mat de lokalen Associatiounen an anere Partenaire vun der Gemeng.



THEMATESCH INTERNETSÄIT

Dank eiser nationaler Bestandsopnam iwwert déi kommunal Politike fir d'Egalitéit konnt de MEGA prezis Informatiounen sammelen iwwert d'Wënsch an d'Besoinen vun de Gemengen, wat d'Implementéierung vun der Promotioun fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer op hirem Territoire ueegt. Doduerch konnt de MEGA en thematesche Site fir d'Egalitéit tëscht Fraen a Männer um lokale Plang schaffen. Hei fanne gewielte Politiker/innen, Agent/inne vum Gemengepersonal a Bierger/innen eng Panoplie vun Informatiounen iwwert d'Gläichstellung um lokale Plang. Eng interaktiv Kaart erlaabt et esouguer ze gesinn, wat déi eege Gemeng a Punkto Egalitéit realiséiert huet. Eng Sammlung vu gudde Beispiller proposéiert bewäert Aktivitéiten aus alle Kompetenzberäicher vun enger Gemeng.